Der wortkarge, wenig zugängliche Mensch, der er geworden, galt allgemein als Junggeselle. Niemanden hat er verraten, dass er dem Andenken seiner Lisi die Treue hielt über das Grab hinaus.

# Gabrielle

E Spill an 3 Akte vum Péter Faber.

I.

Dat Konterbossegst woren d'Leit, de' an den Theater kom sin fir dat Stéck ze kucken an nozelauschteren. So' eppes hätt ech net fir menscheme'glech gehâlen! Dat wor vun Ufank bis zu Enn e Geckickels an e Gelâchs, 't ass é bâl richteg rôse gin. Sollen dann de' Tönteklexerten recht behâlen, de' behapten, an eisem Dialekt wir eppes Eschtes, De'wes net ze schreiwen! An den echte Letzeburger ge'f mat engem gesonde Lâchen äntweren, wann hien eppes an eiser Sprôch opgedöscht kre'g, dat no Se'l oder Gemitt schmâchen de't (well dat le'g eis nun êmol net).

Muss ê sech net schummen, wann nô so' engem Spill we' dem Faber sengem, d'Leit beim Humpe verzielen, «si hätten sech gut am Theater amuse'ert?» Nujé, fir wat sech nach opregen. 'T ass dach ömsoss!

Dât Stéck «Gabrielle» ass fir onsen Dialekttheater eppes Ongewe'hnleches, wel d'Handlong bal am Himmel a bal op der Erd spilt.

Bis elo hu mer a Légenden an a klenge Gedichter gelies, we' Hèlleger an Englen, so'guer den Herrgott sèlwer gele'entlech vum Himmel erof kom sin, fir emol en Tur op d'Erd ze mâchen, an als Mensch mat de Menschen geliewt hun. Op de' Mane'er ko'me munchmol ganz gelunge Sâchen eraus.

A sengem Stéck baut den Dichter P. Faber eng Handlong an drei Déler op eso' eng Vermenschlechong vun himmlesche Gêschter. Den Engel Gabrielle hât sech mam Pe'trus krit, wel hien ge'nt sei Patron, dén alles schwârz geseit, fir d'Menschen agetratt ass. Fir seng Strôf a fir dass en d'Schlèchtegkêt vun de Menschen dach am Fong soll kènne le'ren, soll hien erem e Joer op d'Erd goen als Mensch, me' mat senger Engelsse'l. Mat him gêt de Marcel, e jonge Mensch, dén ere'scht grad no engem ongléckleche Liewesènn an den Himmel kom wor. Wel et him net rècht do gefällt, nodém wat de Pétrus a sei Komerad Tommes him verzielt hun, wollt hien vun engem ale Rècht Gebrauch mâchen an op der Erd e neit Liewe probe'ren. Wel si et gêr eso' hätten, kre'en de' zwê vum Pe'trus d'Erlabnes matenên eröm op d'Erd ze goen.

Et kann ê schon erroden, wât weider geschitt.

D'Gabrielle kent net me' vum Marcel ewèch, dén als Boxer sech e Nuem mâchen an an engems Geld verdenge wöllt. We' e Schutzengel, o'ni emol drun ze denken, wâcht hatt iwer sei Frend, dén un him hänkt an et fir seng Mascott hält. Dem Marcel seng Frendin Maxie an hire Freier Bob hu gleich erkannt, we' den Hues lèft. Sie zielen op dem Marcel seng Schanss, fir vun him eng Zomm Gèld ze kre'en, so dass si e Stôt fir sech können ufänken. D'Uaxie begreift ower net, we' d'Gabrielle so' kal no baussen hi bleiwt an trotz hirer gro'sser Frendschaft vun enger richteger Le'ft fir de Marcel neischt wösse wöllt. D'Gabrielle huet jo kèn Hèrz we' de' aner Menschen, et ass net gléckleeh. Du tröfft et sech, dass d'Edith, e lichtsönnegt, vergâchlecht Framensch, de Marcel fir sech gewanne wöllt an zu dém Zwèck all hir Konschten an Uwoengen spille le'sst. D'Maxie an d'Gabrielle sichen dât affronte'ert Mensch vum Marcel ewèchzehalen. Beim Gabrielle entstêt èppes we' Jalusi, a bekanntlecht ass d'Jalusi de Virlêfer vun der Le'ft. Et wöllt de Marcel êmol net an d'Gräpp vun déer schlèchter Perso'n fale lossen. Et ass do'tongle'ckleeh. Du erschengt de Pe'trus mam Tommes, fir d'Gabrielle eröm mat an den Himmel ze huelen, wel et dach secher nun ageseit, we' d'Menscheliewen op Lug a Fuelschhèt opgebaut ass. D'Gabrielle zéckt. An dem Ament kent d'Maxie melden de Marcel wär drop an drun am Boxen vu sengem Ge'ntiwer geklappt ze gin. Enzock lèft Gabrielle an de Sall, an d'Gléck kent eröm um Marcel seng Seit, hie schle't den aner op de Buedem. D'Gabrielle spîrt nun, dass et mam Marcel verknöppt ass; et kann an duerf hien net verlossen.

Traureg sét de Pe'trus him Arwuer, nodem en him eng menschlech Se'l gin huet. D'Gabrielle ass nun eng richteg Fra. «Deng Fréd get nu me 'gro'ss», sét de Pe'trus, «me' gro'ss ower och dei Lèd». Hatt wöllt nun iwer de Marcel wâchen — we' e Schutzengel — dass hin net um Edith zu Grond gêt. Si zwê sin elo Feier a Flâm firenên. Disput tescht zwo' Fraen. Mê d'Boxerei brengt allerlé mat sech. De Marcel fänkt un ze lompen. e get knockout geschloen. Seng Frönn d'Maxie an de Bob verhèmlechen